ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17. Oktober 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Infrastrukturminister weiderzeleeden.

D'Liewensqualitéit an d'Sécherheet ass an den Dierfer Hengescht an Housen staark ageschränkt duerch dee villen Duerchgangsverkéier duerch d'N7/E420. Oft ass et och esou, datt schwéier Gefierer all Méi hunn, fir duerch dës Dierfer ze fueren. Et gëtt ewell joerelaang vu Contournementer ëm dës zwou Uertschafte geschriwwen a geschwat, ouni datt awer bis elo eppes Konkretes virzeweise wär, wat d'Liewensqualitéit an d' Sécherheet géif verbessere fir déi betraffe Bierger.

Beim Contournement vu Housen gouf an den 1990er Joeren ewell een Avant-projet erstallt. Am Joer 2012 gouf eng Virpréifung (Screening) gemaach, fir ze préifen, op ët duerch de Bau vum Contournement zu erhiewleche Beanträchtigungen op d'Habitatzone kënnt. Wat de Contournement vun Hengescht betrëfft, war am Joer 2005 ee Bureau beoptragt ginn, fir ee Viirprojet APS ze maachen, hei sollt nach mat der Geméng Klierf Récksprooch geholl ginn, fir datt si deen néidege Couloir am Kader vum generelle Bebaungsplang ka réservéieren.

An dësem Kontext géif ech gären dës Froen un Iech riichten:

1. Wéiwäit sinn déi eenzel Pläng zu dësen zwee Contournementer haut fortgeschratt a fir wéini ass mat enger eventueller Präsentatioun vun de Léisungsvirschléi ze rechnen?
2. Läit ewell een Timing zu hirer Realisatioun fest?

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen

Deputéierten